LOUTRES NEWS



Mai, Juni Nummer 6 / 2017

LUXEMBOURG - 1
Port Payé
P/S.311

WE, Sortie, Campen
1 Mee, Kachdaag, Pow-Wow

fnel scouts & guides

LES LOUTRES DE MERSCH, GROUPE SCOUT AFFILÉ À LA FNEL

Adresse officielle:
"Les Loutres de Mersch " A.S.B.L
B.P.31
L-7501 MERSCH

Adresse rédaction
Loutres News
c/o Schmit Ander
27, rue Quatre-Vents
L-7562 Miersch

Loutres News N°06 2016/17

Eng Zeitung fir all Loutres oder fir déi, déi eng kennen gin.
Kennt mindestens 6x am Joer eraus.

Rédactioun: Jacoby Vic

Mataarbecht : D´Cheffen vun den Loutres
An all Member, deem des Zeitung nët egal ass.

Drock: Eegendrock

Adress: LOUTRES NEWS
c/o Schmit Ander
27, rue Quatre-Vents
L-7562 Mersch
Tel: 32 74 58
Gsm : 621 613 285
E-mail: anderschmit@web.de

Adress vum Home: 16, Haardter Wee
L-7534 MERSCH
B.P.31
L-7501 Mersch

Internet: www.scouts-loutres.lu
info@scouts-loutres.lu

Konto: Les Loutres Mersch

CCPL : LU97 1111 0731 7537 0000

Beaver Branche	LU03 1111 2051 4284 0000
Wellefchers Branche	LU98 1111 2051 4385 0000
Scouts Branche	LU94 1111 2051 4587 0000
Explorer Branche	LU92 1111 2051 4688 0000

Summercamp fir Beaver an Wëllef

Moien Beaver a Wëllefcher,

Fir dass du eis an der Summervakanz net vergëss, a mir dech net vermëssen maache mer e klenge Summercamp an Däitschland. De Camp ass Enn Juli bis Ufank August ier Scouten op den Sauvage ginn.

All Beaver an Wëllefchen däerf hei matgoen.

Wéini ?: 29. July bis 1 August 2017

Wou ?: zu Achtelsbach (ass ca 85km bis dohinner)

Fir den Transport dohinner an zréck organiséiere mir e Bus.

Präis: ca. 120 Euro (kann nach ugepasst gin)
Iessen: 4x7 = 28 Euro, Home 4x8 = 32 Euro, Aktivitéit: 4x5 = 20 Euro, Transport: 30 Euro, Extra 10 Euro.
Iwwerweis weg een Acompte vun 50 Euro bis **den 30. Mee 17** op de Kont „Les Loutres Mersch" **CCPL LU97 1111 0731 7537 0000** mat der Mentioun „Summercamp" an „Numm vum Kand".

Souche

(Souche zereckschecken oder ofgin un de Vic Jacoby 17, rue des Champs, L-7521 Mersch)
Délais: 30 Mee 2017

Heimat erlaben ech _____

mengem/n Kand/Kanner_____

mat op den Camp vum 29 July bis 1 August zu Achtelsbach ze goen.

Datum:_____ Ennerschreft:_____

Deng Cheffen

1 MEE 2017

Moien Beaver, Wëllefchen, Scout a Guide, Explorer, Rover

Op dem Dag vun der Aarbecht gi mer zesummen nom Kaffi drénken an de Besch, maachen e Meekranz fir mat deem spéider duerch Miersch ze zeien.

Fir Iessen a Gedrénks suergt de Grupp.

Wanns du mat kenns, da kriss du och e klengen Loutres Cadeau.

RDV: Méindes den **1. Mee 16 um 7:45 beim Home**

Retour: de selwechten Dag um 11:30 bei eisem Home

Präis: 0€ pro Kapp

Umellen: muss de dech net – einfach op de RDV kommen

Mathuelen: Tipp Top **Uniform a Foulard**, Biergschung, Jackett, e Messer oder en Secateur fir Grengs ze schneiden an natierlech gutt Laun.

Lenks Patt deng Chefen an de Komite

Beaver

Programm vum 3. Trimester

Salut **Beaver!**
Mir hoffen dir hat eng super flott Vakanz an sidd lo voller Motivatioun .
Eis Versammlungen sinn Samstes vun 14h00 bis 16h00.
Mir ginn oft mat den Kanner eraus, onofhängeg vum Wieder
dofir dot hinnen ëmmer Gezai un wat knaschteg kann ginn an fest Schung.

29.Abrëll	Keng Versammlung
1.Mee	Meekranz
6.Mee	Versammlung
13.Mee	Versammlung
20.Mee	Beaver Fun-Day
27.Mee	Versammlung
3.-10.Juni	**Paischtvakanz - Keng Versammlung**
17-18.Juni	Week-end zu Miersch
22.Juni	Virowend Nationalfeierdaag
24.Juni	Kachdaag
1.Juli	Adventure Day um Misärshaff
9.Juli	Pow Wow zu Mamer
29-1 August	Camp zu Achtelsbach

Wann's du net an d'Versammlung kanns kommen oder Froen hues,
dann ruff eis weg un oder so per Mail Bescheed.

Malak (Paul)621 157 585 Spitzky (Nora)691 687 492
Keeo (Märri)691 820 980 Blubb (Rony)621 750 157
Reebou (Carole) Tic Tac (Kim) Hawky (Martine)

Wëllefcher

Programm vum 3. Trimester

Wëllef, Wëllef!

Och am leschten Trimester steet nach sou munches um Programm.
Loos der op kee Fall de klengen flotten Summercamp entgoen.

29. Abrëll	**keng Versammlung (1 Mee)**
1. Mee	**Sortie 1 Mee**
6.-7. Mee	**WE mam Mogli am Dschungel**
13. Mee	**Versammlung**
20. Mee	**Versammlung**
27. Mee	**Versammlung**

3. Juni – 10. Juni: PAISCHTVAKANZ

17. Juni	**Versammlung**
22. Juni	**Virowend Nationalfeierdaag**
24. Juni	**Kachdaag**
1. Juli	**Adventure Day um Misärshaff**
9. Juli	**Pow Wow zu Mamer**
29. Juli – 1 August	**Summercamp**

DENG CHEFFEN:

Andre Jorge CM - 621 715 985
Michel Grüneisen ACM - 691 328 916
Anna Bemtgen ACM
An Ënnerstëtzung vum Jacquie, Jenni, Carissia a Vic

WE – De Mogli am Dschungel

Léif Wëllefcher,

Sou wéi et ären Wonsch ass hu mer een WE am 3. Trimester organiséiert. Den Datum ass den 6.-7. Mee 2017.

Zesummen mam Mogli léiere mer vill nei Saachen mam Akela. Ween sinn all déi Déieren aus der Dschungel Geschicht a wat muss een kennen vill am Dschungel ze liewen.

Rees geet an den däischteren Besch vum Paradiso zu Woltz.

Départ: den 6.Mee um 14h15 op der Mierscher Gare

Retour: den 7. Mee um 16h27 op der Mierscher Gare

Prais: 25€ sin ze iwwerweisen bis den 2. Mee op de Kont: Les Loutres Wëllefcher CCPL LU98 1111 2051 4385 0000 mat der Mentioun: WE Mogli a “Num vum Kand”.

Umellen: iwert eis Webpage scouts-loutres.lu bis den 2. Mee 17

Mathuelen: Rucksack, Schlofsack,Gamelle & Besteck & Becher, Schlappen, deck Schung, Pyjama, Kichenduch, Wäschsaachen, dem Wierder ugepassten Gezei, an natiirlech gudd Laun.

Deng Cheffen

Scouten a Guiden

Programme 3.Trimester

Salut Scouten an Guiden !

Hei fënns du den Programm vir nächsten Trimester – Et stinn richteg vill Aktivitéiten um Programm well 4 Cheffen an 2 Leadershipscandidaten hier Formatioun fäerdeg maachen mussen bis den Juni.

29. Abrell	Owesversammlung
29.-30 Abrell	Natur Games um Misärshaff
1.Mee	1. Mee Feier zu Miersch
6.-7. Mee	Explo Bauerenhaff
13. Mee	Sortie (CLAIRE)
20. Mee	Versammlung
27.-28 Mee	WE - Back to the 90'
2.-11. Juni	**Päischtvakanz**
5.-6. Juni	WE zu Miersch
17. Juni	Sortie (MARIE)
24. Juni	Kachdaag
1. Juli	Versammlung
8.-9 Juli	Pow-Wow
15.Juli	**Ufank Summervakanz**
2.-12.August	Camp Sauvage

Vergiess net dech bei dengen Cheffen ofzemellen wann s du net an d'Versammlung kanns kommen. Merci :)

Scoutscheffen

Recht Philippe CT	691 812 917	mr_recht929@hotmail.com
Pierre Prichearts ACT	621 738 748	prickp@hotmail.de
Felten Jhang ACT	621 790 389	jhang.felten@gmail.com
Jacquie Linden ACT	621 433 486	jacquielinden60@gmail.com
Jennifer Vosman ACT	621 6621 14	jenny_vosman@gmail.de
Carissia Demoutiez ACT	691 727 569	cdemoutiez@gmail.com
Bertemes Louis ACT	661 327 280	bertemes-louis@hotmail.com

Scouten a Guiden

Hey meng cool Scouten,

Vir dass et eis net langweileg gëtt maachen mir mol rëm eng Owes Versammlung , falls du dech frees an wat ass dat?
Ma eng Owes Versammlung ass näischt aneschtes wei eng Versammlung mee Owes bei deeër ma raus an den Bësch ginn wou ma Feier an Spiller maachen. Dat heescht waarm undoen ass ugesot, an natierlech kriss du op enger Owes Versammlung och eppes ze iessen.

Wéini?	**29. Abrëll 2017 um 19:00 beim Home**
Retour?	Den selwechten Dag um **22:00** beim Home
Umellen?	Beim Jenni per Telefon um 621662114 oder per Email jenny_vosman@hotmail.de oder iwwert Webpage
Präis?	5€ matzebréngen op de RDV.

Lénks Patt, är Chefen

Scouten a Guiden



Explo 2017 - Baurenhaff

Weini? 6-7 Mee 2017 um Misärshaff
Umelldung? bis den 12.04 iwert scouts-loutres.lu
Prais? 25€/Persoun op de Kont vun de Les Loutres Scouten,
CCPL LU94 1111 2051 4587 0000
mat der Mentioun “SC-Explo 2017”.

Wichteg! Den Explo ass dobaussen denkt also un äre warme Schloofsaack! Detailer vum RDV als wéi een Déier mir eis verkleeden kommen no der Umelldung.

Lenks Patt, Är Scoutsekipp

Scouten a Guiden

Salut Scouten a Guiden

ech man dëst Joer den Leadership an dofir organiséieren ech eng Sortie mat engem Trajet iwwert Piraten ech krut nämlech per Fläschenpost een Bréif geschéckt wou dran stoung dass sie eis Hëllef brauchen fir hiren Schatz ze siichen den geklaut ginn ass an ech soot hinnen dat mir eis op Siich man an den fannen.
Fir den Recht lost ierch iwwerraschen

Weini :	Samstes den 13 Mee 2017 um 10:00 Auer
Wou :	zu Miersch beim Scoutshome Loutres
Retour :	den gleichen Daag um 16:00 beim Scoutshome zu Miersch
Wat kascht et:	4 Euro sinn mat op den RDV ze brengen
Matbrengen :	een klengen Daaresrucksack , Bidon , Gamelle , Besteck an vill gudd Laun
Umellen:	bis den 9 Mee 2017 um 691 325 311per SMS weg.

Scouten a Guiden

Salut Scouten!

Wei der alleguer wësst, gëtt eis Welt ëmmer méi vun der néier Technik beherrscht. Fir dass dir och mol all en Ableck an d 'Zäit vun den Ufäng vun Apple & Co kritt, reese mir all zesummen zréck an d'90er Joren, a well déi mécht grouss Entreprisen an Aflëss aus Amerika komm sinn, reese mer dofir och direkt dohinner. Mir géifen eis freeën iech zuelräich op eiser Zäitreess ze empfänken! ☺

<u>Départ:</u> Samsdes, den **27. Mee** um **13:20** zu Miersch op der Gare

<u>Arrivée:</u> Sonndes, den **28. Mee** um **16:35** zu Miersch op der Gare

<u>Matbréngen?</u> Gezei fir bannen a baussen, Gamelle, Besteck, Becher a Kichenduch, Wäschsaachen, Pyjama, Schlappen, Bic a Notizblock, ear **Schülerkaart/ zwee Zuchbilljéen**, en Täschemesser, eppes mat dem ee Fotoen maache kann, gutt Laun a Kreativitéit ;)

<u>Präis?</u> **30€** sinn ze iwwerweisen op den Kont: Les Loutres Scoutsbranche: CCPL LU94 1111 2051 4587 0000 Mentioun: **WE 90er**

<u>Umellen:</u> op **<u>jacquielinden60@gmail.com</u>** per E-Mail oder um **621433486** per SMS mam Numm vum Kand bis den 20. Mee 17.

Iess Intoleranzen, Vegetarier an Allergien w.e.g. bei der Umellung dobäi schreiwen fir dass mer dat richtegt Iessen och kachen kënnen.

Deng Cheffen

Scouten a Guiden

Preparatiounsweekend Sauvage

Salut Scouten,

Dëst Joer goufen et schonns e puer Formatiounsweekender an elo kennt nach een weideren. Mäin Weekend steet ganz am Thema Preparatioun Sauvage. Et ass also perfekt vir die Kandidaten déi am Summer mat op den Sauvage ginn, awer och eng gutt Saach vir all déi aner Scouten ;)

Wat: Preparatiounsweekend vir den Summercamp

Wou: Zu Miersch am Home

Ufank: 5 Juni 2017 um 11:00h zu Miersch op der Gare

Schluss: 6 Juni 2017 um 15:00h zu Miersch am Home

Präiss: 12 Euro sinn ze iwwerweisen op den Kont: Les Loutres Scoutsbranche: CCPL LU94 1111 2051 4587 0000
Mentioun: **WE Sauvage**

Umeldung: Umellen weg bei mir (Pierre) um 621 73 87 48 bis spéitstens den 30.05.2017

Material: Dem Wieder ugepasst Kleeder, Carrymatt an een waarmen Schlofsack (mir schlofen dobaussen), Wäschsachen, Wanderschong, Täschemesser an Täscheluucht, Gamelle an en Kichenduch, an alles wat en soss nach brauch vir een Scoutscamp.

Lenks Patt,
är Cheffen



Programm 3. Trimester

Salut Explorer!

No enger laanger Vakanz hunn mer eis rem erhol an sinn rem voller Energie fier an dat lescht Trimester an Ugreff ze huelen. Hei ass den Programm vunn deenen nechsten Wochen.

29. Abrell 2017	Versammlung
1. Mee 2017	Sortie 1 Mee
6. Mee 2017	Versammlung – Präparation Raid +
12.-14. Mee 2017	Raid +
20. Mee 2017	Versammlung
27. Mee 2017	Versammlung
3.-11. Juni 2017	Vakanz
17. Juni 2017	Versammlung
22. Juni 2017	Virowend Nationalfeierdaag
24. Juni 2017	Kachdaag
1. Juli 2017	Construction Day um Misärshaff
8.-9. Juli 2017	Pow-Wow

Eis Versammlungen sin, Samstes vun 16h00 bis 18h00 am Home. Wann een net kommen kann soll en sech wegl oofmellen.

deng Respo'en

Raid +

Dëst Joer ass déi zweet Editioun vum Raid +.

De Raid ass vu Freides dem 12 Mee bis de Samsten den 13 Mee. De Rendez-vous ass op der Gare zu Lëntgen, déi genau Auerzäit kritt dir zaitno matgedeelt.

De Raid dauert bis Samtes am laf vum Moien, ab dann geet et em de Raid +, d Seefekeschtenrennen, dëst dauert bis Sonndes den 14ten nom Kaffi.

All Explorer muss sech eenzel oder als Unitéit bis den 7ten Mee op explorer@fnel.lu umellen. Sot eis hei bescheed ob der een oder zwee Deeg bleift!

Op den Depart musst dir är Gamell, Schlofsak an Carry-Matte matbréngen. D Seefekeschten sollen och um RdV ofgi ginn.

Den **Trajet** gëtt mat ganz üblechen an manner übleche Scout Techniken gezeechent. Onbedéngt muss dir un är topographesch **Kaart R5** denken.

All Unitéit muss sech **selwer ëm séin Retour këmmeren**. Den ëffentlechen Transport ass an eisen Aen déi beschte Léisung dofir .

De **Präis** ass 12 € wann der bis Samstes nom Kaffi bleift. Wëllt der awer de „+" mat erliewen, also bis Sonndes nom Kaffi bleiwen sinn d'Käschten 20€. Des Suen sammelt de RUE a gëtt se um Depart of.

Är Explorer Equipe

Offroad Seefekëschtenrennen 2017

Vum 12.-14. Mee 2017 ass Raid an Raid+.

Vu Freides op Samstes ass de klasseschen Raid a vum Samstes op Sonndes ass de Raid +, deen besteet dëst Joer aus engem Offroad Seefekëschterennen. Fir dass dir Iech elo schonn kënnt Gedanke iwwert är Seefekëscht maachen sinn hei schonn mol d Reegelen an di eenzel Challengen di ustoen wäerten.

Regelen:

- Är Seefekëscht muss an engem Thema sinn, heizou gehéiert och är Verkleedung
- Max. 2 Insassen pro Seefekëscht
- D' Seefekëscht muss steier- an bremsbar sin
- Et däerf keen Undriw, Pedalen oder Ähnleches un der Seefekëscht sinn
- Dir musst mindestens 3 Kontaktpunkter (Rieder, Schlitter,…) zum Buedem hunn
- De Buedem vun der Seefekëscht muss zou sinn (duerchgehend Plaquette)
- Seefekëschten déi net tauglech ausgesinn oder wou e Sécherheetsrisiko ugeholl gëtt, kennen duerch d'Explorerekipp ausgeschloss ginn

Challengen:

- Bescht Thema
- Bescht Zäit
- Kierzten Bremswee

Wann dir als Unitéit wëllt um Seefekëschtenrennen deel huelen, dann mellt Iech onverbindlech un op explorer@fnel.lu

Vill Freed beim Bauen

Är Explorerekipp



Beaver, Wëllefcher

Veni Vidi Wisel (Pow Wow)

All Weeër féieren op Mamer ...

Léiw Beaver a Wëllefcher vun den **Holzemer Schléken**, mir si vum ieweschte Réimeschen Senat op de PowWow zu Mamer invitéiert ginn.

Zesumme mat eis, wëllen d'Réimer vu Mamer hier neitsten technesch Entwécklung feieren. Si hunn et fäerdeg bruecht e Sträitwon ze bauen, deen et erméiglecht a manner wéi 2 Wochen vu Mamer op Roum ze fueren.

Fir dat ze feieren hu si keng Käschten a keng Méi gescheit, si hunn déi séissten Drauwen, déi beschten Oliven, dat knusprechst Broud an déi beschten Nuddelen fir iech op Mamer transportéiert an wëllen iech déi do zervéieren.

Wéini:

9. Juli 2017 zu Mamer

RDV ass um 8:40, – Retour um 16:40 2 mol op der Mierscher Gare

Umellen:

Iwert eisen Site: scouts-loutres.lu bis den 1. Juni 2017

Fakten

- Präis: 0€
- Material
    - Uniform? (Foulard)
    - Dem Wieder ugepasste Kleeder
    - Bidon
    - Pick-Nick
- Verkleedung : Gruppeverkleedung

fnel scouts & guides

MAMER WISELEN FNEL

Scouten, Explorer

Veni Vidi Wisel (Pow Wow)

All Weeër féieren op Mamer ...

Léiw Scouten, Explorer a Rover vun den **Holzemer Schléken**, mir si vum ieweschte Réimeschen Senat op de PowWow zu Mamer invitéiert ginn.

Zesumme mat eis, wëllen d'Réimer vu Mamer hier neitsten technesch Entwécklung feieren. Si hunn et fäerdeg bruecht e Sträitwon ze bauen, deen et erméiglecht a manner wéi 2 Wochen vu Mamer op Roum ze fueren.

Fir dat ze feieren hu si keng Käschten a keng Méi gescheit, si hunn déi séissten Drauwen, déi beschten Oliven, dat knusprechst Broud an déi beschten Nuddelen fir iech op Mamer transportéiert an wëllen iech déi do zervéieren.

Wéini:

8-9. Juli 2017 zu Mamer

RDV fir är Scouten ass zu Holzem beim Festsall um 14:00 (5, route de Garnich L-8277 Holzem)

RDV fir är Expolrer a Rover ass zu Mamer um Parking vum Kinneksbond (42, route d'Arlon L-8210 Mamer) um 14:15

Retour den 9 Juli um 16:40 op der Mierscher Gare

Umellen:

Iwert eisen Site: scouts-loutres.lu bis den 1. Juni 2017

Iwwerweis weg 200 Euro bis **den 1. Juni 17** op de Kont „Les Loutres Mersch“ **CCPL LU97 1111 0731 7537 0000** mat der Mentioun „Pow Wow“ an „Numm vum Kand“.

Fakten

- Präis: 20€
- Material
  - Uniform & Foulard
  - Dem Wieder ugepasste Kleeder
  - Bidon
- Verkleedung: Gruppeverkleedung

fnel scouts & guides

MAMER WISELEN FNEL

Rover

Rover-Programm 2. Semester 2017

No eiser Marche gourmande déi mer am Oktober haten, wou mer ganz gudd Echoen kritt hun, presentéiere mer de Programm vun dem läschte Semester.

Un alleguer déi jonk Cheffen am Groupe an och dé bessen manner jonk, mierkt iech den Datum vun dem 5. Mee. Mir wellen hei zesummen eng Pizza iesse goen an iwwer d'Rover allgemeng emol schwätzen. Heescht mir wëllen nët e Programm fir jiddereen proposéieren an duerfir brauche mer och deng Meenung. Also mir hoffen eis zu vill ze gesin an och e konstruktiven Feedback ze kréien.

Hei elo awer wéi versprach de Programm:

1. Mee	Meekranz beim Home um 9h30 fir de Cortège oder um 7:45 fir de Kaffia Meekranz ze maachen.
5. Mee	19h00 Pizza Iessen zu Colmar-Bierg an dem Restaurant Neptwone3 ***
22. Juni	Virowend vu Nationalfeierdag zu Miersch
1. Juli	10h00 Visite vun der Steng-Seerei zu Iernzen an de Carrières Feidt mat uschléissendem Apéro an Iessen (weider Détailer kommen nach hei)
9. Juli	Pow-Wow
2-12.8.2017	Camp Fédéral "Sauvage" zu Coburg (D)

*** Fir kennen de Restaurant ze reservéieren, w.e.g. dech per Mail un marc.laux@education.lu umellen bis den 30. Abrëll. D'Pizza kriss de bezuelt ☺

Loutres Jaketten - Softshell

Nodeems mer vill verschidden Softshell Jacketten ausprobéiert hunn, hu mer lo déi éischt 15 Stéck an all de Gréissten bestallt an sou gesinn se aus.

Schwarz mat gielen Tiretten an eng Kaputz déi een rofhuelen kann.

Wann s du och sou eng Jackett wëlls, da kanns de se lo bei eis bestellen.
An de Versammlungen kanns du se umoossen.

Wat kaschten se dech ?
Mir mussen 55 Euro bezuelen a mir sponsoren dir awer 15 Euro sou dass du se schonn fir **40 Euro** kriss.
Du bezils se réischt wann s du Jackett kriss.

Lenks Patt
De Komitee an Chefen vun de Loutres